N° 8166
Entrée le 12.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8166 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1)**

Vun der Schoulrentrée 2023-24 un ginn et féier Centres d'insertion socio-professionnelle:

- de Centre Formida (ARCUS A.s.b.l.) zu Esch-Uelzecht
- de Cenre Movida ( ARCUS A.s.b.l.) zu Furen
- d'Jongenheem (SOLINA A.s.b.l.) zu Bartreng an
- de Liewenshaff (Päerd's Atelier A.s.b.l.) zu Mëtscheed.

**Ad 2) an 3)**

E Centre d'insertion professionnelle (CISP) ka Jonker mat verschiddene Profiller ophuelen. Déi schoulflichteg Schüler tëschent 16 an 18 Joer, déi vun deem neie Gesetz iwwert d'Verlängerung vun der Schoulflicht betraff sinn, sinn nëmmen een Deel vun der Populatioun. Donieft kënnen esouwuel Schüler tëschent 12 a 16 Joer, wéi och Jonker, déi net méi schoulflichteg sinn, opgeholl ginn.

Am Kontext vun der Verlängerung vun der Schoulflicht ass d'Betreiung an de Centres d'insertion socio-professionnelle nëmmen eng Mesure ënner aneren, fir Jonker déi ee Schoulofbroch riskéieren oder d'Schoul schon ofgebrach hunn.

Déi geographesch Verdeelung vun de CISPen hänkt esouwuel vun de Kandidaturen of, déi wäerte gestallt ginn, wéi och vun der Lag vun de Partnerlycéeën.

En internen Aarbechtsgrupp am Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) wäert unhand vun dësen Donnéeën en nationale Plang ausschaffen.

**Ad 4)**

Aktuell ginn d'Aktivitéiten an engem Centre d'insertion socio-professionnelle engersäits duerch d'Lycéesgesetz an anersäits duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 17. August 2011 geregelt.

- Am Artikel 9 vum Lycéesgesetz (Loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées) ass virgesinn, dass Schüler ausserhalb vum Lycée, oder an enger Institution spécialisée kënne beschoult ginn. D'Coursë gi gehal vun Enseignanten aus dem Lycée an d'Schüler bleiwen am Lycée ageschriwwen. De Volet vum Enseignement gëtt vum Lycée organiséiert an assuréiert, sou dass den Träger do net intervenéiert.
- Den non-formalen Volet vum Centre gëtt vun engem Träger assuréiert, mat deem de Ministère eng Konventioun ënnerschreiwt, an deen een Agrement kritt. Den Agrement gëtt ausgestallt op Basis vum Artikel 2.7. vum *Règlement grand-ducal du 17 août 2011 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires d'activités pour enfants, jeunes adultes et familles en détresse*.

De Gesetzesprojet Nr. 7994 *portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes et aux familles* (...) gesäit am Artikel 17 den Accueil an engem Centre d'insertion socio-professionnelle als eng vun den *Mesures d'accueil de jour* vir, dëst fir Jonker déi am Decrochage scolaire sinn, oder riskéieren ze decrochéieren.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH